N°7713
Entrée le 06.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 06.03.2023

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. Mäerz 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Den 23. August 2021 hat den Här Staatsminister e Projet vun engem groussherzogleche Reglement un de Staatsrot geschéckt, deen d'Aarbecht vun de Schülerkommiteeë soll encadréieren an notamment all Schülerkommitee, gestaffelt no der Gréisst vun der Schoul soll en eenheetleche Budget zoudeelen. A senger ursprénglecher Fassung sollt dësen Text no sengem deemolegen Artikel 23 fir d'Rentrée 2021/22 a Kraaft trieden. Vu, datt den Text zu deem Zäitpunkt awer nach um Instanzewee war, war dat net de Fall, idem fir dat aktuellt Schouljoer.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Schoulminister gär dës Fro stellen:

1) Kann den Här Minister matdeelen, ob an a wéi engem Delai den uewen zitéierten Text fir d'Rentrée am September a Kraaft trëtt, datt déi Responsabel um Terrain iwwert eng kloer Perspektiv verfügen, fir sech drop astellen ze kënnen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7713 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

Den 23. August 2021 gouf de Projet vum Règlement grand-ducal un de Staatsrot geschéckt. Opgrond vum Staatsrot sengem Avis vum 18. Januar 2022 a verschiddene Consultatioune mat de Vertrieder vun de Schüler an aneren Experten am Beräich vun der Schülerbedeelegung ass den Text ugepasst an op en Neits de 6. Juli 2022 deposéiert ginn. No engem zweeten Avis vum Staatsrot sinn nach lescht Upassunge virgeholl ginn, sou datt den neie Règlement grand-ducal elo am Laf vum Mount Abrëll 2023 am Journal officiel wäert publizéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 18. Abrëll 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH